PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Wéi d'Website heise.de rezent beriicht huet, gouf eng nei Bedruchssoftware entdeckt, déi et an Däitschland op ëffentlech Administratiounen ofgesinn huet. Den Trojaner mam Numm "Emotet" huet bei enger Stad no vun Hannover déi ganz Administratioun attackéiert an ausser Service gesat.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Weess den Digitalisatiounsminister, ob dës Bedruchssoftware schonn zu Lëtzebuerg opgetaucht ass?

2. Wéi ass déi staatlech IT géint ee méiglechen Ugréff vun dësem Trojaner virbereet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député